N°5454
Reçue le 04.01.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 04.01.2022

CSV FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 4. Januar 2022

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Minister fir Gesondheet weider ze leeden.

Am Moment gëtt am Kaderv un der Covid-Pandemie vill iwwer eng eventuell Impfflicht geschwat, dat och well a verschiddene Bevëlkerungskategorien den Impftaux net héich genuch ass. Vill Experte sinn der Meenung datt virun allem d'Personal am Gesondheets- a Fleegeberäich misst geimpft sinn.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Huet d'Regierung aktuell Zuelen zum Taux de vaccination beim Personal am Gesondheets- a Fleegeberäich?
- Wann nee, kann duerch d'Personal dat sech muss Teste loossen, eng Aschätzung vum Impftaux gemaach ginn?
- Ginn et Ënnerscheeder tëscht den eenzele Gruppen an Haiser?
- Wat gouf bis elo gemaach fir d'Personal ze incitéiere sech impfen ze loossen?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen
Deputéiert